adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 23. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Déi däitsch Bundesregierung huet rezent eng detailléiert Impfstrategie public gemaach, wou präziséiert gëtt, wéi eng Persounen – nodeems en Impfstoff verfügbar ass – elo als éischt solle geimpft ginn. D'Bundesregierung huet sech eegenen Aussoen no, wat dës Strategie ugeet, zu 99 Prozent un d'Virgaben an Empfeelunge vun der „Ständigen Impfkommission" (STIKO) gehalen.

Um Site vun der Santé kann een aktuell (Stand 21. Dezember 2020) folgend Informatioune fannen:

„Die Fachkräfte des Gesundheitswesens und das in Krankenhäusern und Altenheimen tätige Personal gehören zu denjenigen, die am stärksten gefährdet sind, COVID-19 ausgesetzt zu werden, und verdienen daher besondere Beachtung und speziellen Schutz, auch um einen "sanitären Gürtel" um die in ihrer Obhut befindlichen infizierten Personen zu bilden.

Ebenso werden Personen, die in Altenheimen leben, vorrangig geimpft. In der Tat sind das Alter und das Vorhandensein von Komorbiditäten nicht zu vernachlässigende Risikofaktoren.

Über die Priorisierung anderer Personenkategorien wird zu einem späteren Zeitpunkt entschieden, je nach Verfügbarkeit zusätzlicher Impfstoffdosen."

E Méindeg (22.12) war dann an der Press ze liesen, datt de Premierminister bekannt ginn huet, datt elo an enger éischter Phas emol dat medezinescht Personal geimpft soll ginn. Vum 30. Dezember un soll dann och d'Personal an de Fleegeheemer geimpft ginn. Déi meescht europäesch Länner prioriséieren an hirer Impfstrategie dann och déi eeler Leit.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Goufen am Kader vun der Impfstrategie vun der Regierung déi eenzel Persounegruppen, déi elo solle prioritär geimpft ginn, schonn informéiert?
2. An enger éischter Phas soll d'Personal vun de Gesondheets- a Fleegeariichtunge geimpft ginn: Huet d'Regierung doriwwer eraus schonn e Konzept ausgeschafft, wéi eng Persounegruppen duerno prioritär solle geimpft ginn?

3. Wa jo, wéi gesäit dëst Konzept konkret aus an a wéi engem zäitleche Kader kënnen déi betraffe Persounegruppen domat rechnen, informéiert ze ginn?
4. De Gesondheetsministère weist jo besonnesch drop hin, datt grad déi eeler Leit prioritär geimpft solle ginn. Ewéi de Premierminister elo awer bekannt ginn huet, sollen elo mol prioritär aner Persounegruppe geimpft ginn. Huet dës Verzögerung vun der Impfung bei eelere Leit als Grond, datt deen zu Lëtzebuerg zougeloossenen Impfstoff iwwerhaapt net an der néideger Quantitéit verfügbar ass?
5. Huet dës Verzögerung vun der Impfung bei eelere Leit net och als Grond, datt den Impfstoff iwwerhaapt nach net un der Persounegrupp vun den eelere Leit getest gouf? Wéi wär et an deem Kontext ze veräntwerten, datt eis eeler Leit zu engem spéideren Zäitpunkt mat engem Impfstoff solle geimpft ginn, iwwert deen et bis dato am Hibléck op d'Uwendung op eeler Persounegruppen nach iwwerhaapt keng Erkenntnisser ginn?
6. Wann dëst net de Fall ass: Wéi eng Erkenntnisser hunn sech aus deenen Tester, wat d'Sécherheet vum Impfstoff op déi eeler Leit ugeet, erginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**